

Lëtzebuerg, den 19. Februar 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bidden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

« Rezent huet de Buergermeeschter vun Ettelbréck op der Télé bedauert, datt de Ministère vun den ëffentlechen Aarbechten net virukéim mat de Planungen fir e méigleche Contournement vun Ettelbréck-Feelen. Et wiere just 50.000 Euro fir Studie virgesinn.

An deem Zesammenhank wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen :

- Kann den Här Minister soen, wou d'Planunge vun dësem Contournement de Moment dru sinn? Wéini wäert e Gesetzesprojet an der Chamber kënnen deposéiert ginn? Gouf et zënter 2019 Entrevuen am Ministère mat de Schäfferéit vun Ettelbréck a Feelen fir d'Thema ze verdéiwen?*
- Wéi eng zousätzlech Analysen oder Studie missten, ënner Ëmstänn, nach gemaach ginn, fir de Gesetzesprojet kënnen ze finaliséieren?*
- Ass sech weider Gedanke gemeet ginn wéi den definitiven Tracé kéint ausgesinn? Wat wieren eventuell Contrainten, déi d'Baue vun engem Contournement kéinte behënneren?*
- War schonn eng Versammlung mat de Proprietäre fir hinne verschidden Detailer z'erklären, virun allem wat den Agrëff an hiren Terrain ubelaangt?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Goufe schon déi obligatoresch archeologesch Fouillen duerchgefouert? »*

Mat héifleche Gréiss,



André BAULER
Deputéierten